



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Luxembourg, le 10 FEV. 2020

CHAMBRE DES DÉPUTÉS

Entrée le :

10 FEV. 2020

Monsieur
Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
LUXEMBOURG

Objet: Réponse commune de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'État, de Monsieur le Ministre des Communications et Médias et de Madame la Ministre de la Protection des consommateurs à la question parlementaire n°1645 de l'honorable Député Monsieur Marc GOERGEN au sujet de la discrimination à cause de décisions prises par des algorithmes.

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire n°1645 du 27 décembre 2019 de Monsieur le Député Marc GOERGEN.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Premier Ministre

Ministre d'État

**Gemeinsam Äntwert vum Premier- a Staatsminister, vum Kommunikatiouns- a Medieminister
a vun der Ministesch fir Konsumenteschutz op d'parlamentaresch Fro N° 1645
vum Här Deputéierte Marc GOERGEN**

Fro 1:

D'Regierung hëlt d'Risiken an der Entwécklung vun der Automatiséierung vun den Entscheidungen eescht, a baséiert sech bei de Mesuren an der Ëmsetzung vun enger genereller Strategie op wëssenschaftlech validéiert Phenomener a Zenarien.

Fro 2:

De legale Kader, d'Applikatioun dovunner an déi generell Approche ass e permanente Prozess a muss, wann néideg, kënnen ugepasst ginn.

Et ass kloer, dass allgemeng am digitale Beräich, Transparenz e ganz wichtege Facteur ass fir d'Konsumenten. Duerfir huet Lëtzebuerg och an de Verhandlungen um europäesche Plang d'Beméiung vun der Kommissioun ënnerstëtzt, fir dass an der mëttlerweil adoptéierter Direktive (UE) 2019/2161, d'Reegele fir méi Informatiounen verstärkt ginn. Dës Reegelen ëmfaassen zum Beispill mat wem een et op der digitaler "marketplace" ze dinn huet, wat fir eng Critère fir d'Klassifizierung vun Offeren sech applizéieren, oder och wéini eng automatiséiert Entscheidung op Basis vum perséinleche Konsumverhale fir de proposéierte Präis responsabel ass.

Deemno si schonns Fuerderunge vun der Regierung um europäeschen Niveau suivéiert ginn. Et muss elo gekuckt ginn, wéi di nei Reegele gräifen. D'Entwécklung an d'Verwendung vun neien Technologien, wéi kënschtlech Intelligenz an Algorithmen, sinn nei Defië, wat de Schutz vun de Grondrechter betrëfft, sou wéi den Dateschutz an de Verbuet vun Diskriminatiounen. Gläichzäiteg kënnen dës Technologien och grouss Virdeeler fir eis Matbierger bréngen a kéinten och nei Solutiounen offréieren, déi de Schutz vun der Privatsphär stäerken. De GDPR gouf geschriwwen, fir technologesch neutral ze sinn, a seng Bestëmmunge berécksiichtegen dës nei Defien. De legalen EU Kader fir den Dateschutz ass eng grondleeënd Konditioun fir déi Entwécklung vun zukünftegen Initiativen am Beräich vun der digitaler Politik. Dëst schléisst net d'Noutwendegkeet aus, kontinuéierlech d'Relatioun tëschent technologescher Entwécklung an dem GDPR ze kucken an ze klären. Mir diskutéiere schonn dës Themen mat eisen europäesche Partner, besonnesch am Kontext vun der GDPR Bewäertung, déi fir Mee dëst Joer geplangt ass.